Ried bei Geleeënheet vun der Journée de la Commémoration nationale

Wooltz, 9. Oktober 2022

Léiw Éiregäscht,
Dir Dammen an Dir Hären,
Léiw Schülerinnen a Schüler,

(**1**)

Mir wëssen, datt se léien.
Si wëssen, datt se léien.
Si wëssen, datt mir wëssen, datt se léien.
Mir wëssen och, datt sie wëssen, datt mir wëssen, datt se léien
An trotzdeem léie se weider.

Dës Wierder ginn dem Alexander Soljenitsyne, dem Nobelpräis fir Literatur 1970 zougeschriwwen, an zwar an enger Ried, déi e geschriwwen hat fir den Nobel Präis entgéint ze huelen. Hie konnt déi Ried net selwer halen well e gefaart huet e kënnt duerno net méi heemkommen.

A weider huet en deemols geschriwwen:

One word of truth shall outweigh the whole world!
Ee Wuert, dat d'Wourecht ausdréckt huet méi Gewiicht wéi d'ganz Welt!

(2)

Haut ass d'Journée de la Commémoration nationale a villen Uertschaften vu Lëtzebuerg. Si gëtt zanter 1946 all Joer gefeiert fir un de Versuch vun den Naziën vum 10. Oktober 1941 ze erënneren, duurch di sougenannte *Personenstandsaufnahme* , also enger Aart *Referendum* d'Lëtzebuerger derzou ze bréngen, datt si sech fräiwëlleg an 'Grossdeutsche Reich' giwwe mellen.

Esou eng Tentative gouf et jo virun e puer Deeg nees: Russland huet probéiert duurch e sougenannten *Referendum* 4 Regiounen vun der Ukraine an hiren Territoire ze integréieren. Ganz vill Länner hunn dat do direkt duurchkuckt a refuséieren fir dem H. Putin säin Dekret un ze erkennen.

Et bleiwt awer, datt d'Roll vun der Propaganda, déi di Naziën an den 30er a 40er Joeren gebraucht hunn och haut nach, an eenzelnen Deeler vun der Welt, immens grouss a geféierlech ass.

Dem Albert Camus, Auteur e.a. vun *La Peste* a vu *L'Étranger* gëtt folgende Saz attribuéiert:

Mal nommer les choses, c'est ajouter au malheur du monde

Jo, et ass falsch wann den H. Putin vun *Entnaziféierung* schwätzt a den Ukrainer *Völkermord* virwerft fir säin Ugriffskrich géint d'Ukrain ze rechtfertegen.

(3)

Dir Dammen an Dir Hären,
Léif jonk Leit,

Natiirlech kann een net ee Krich mat engem anere vergläichen, nët d'30er a 40er Joer vum 20. Jorhonnert iwwer ee Leesch zéien mat deem wat an den éischten 22 Joer vun dësem Jorhonnert geschitt ass.

Natiirlech kënnt Der soen, datt Wierder näischt géint d'Brutalitéit vun de Krichsdreiwer vermaache kënnen. An dach bleiwt et eis Pfliicht, sou wéi eis Leit sech deemols géint den Nazi-terror, oft ënner Liewesgefor, opgelehnt hunn, ëmmer an ëmmer nees d'Wourecht haard, däitlech a fair ze soen an ze schreiwen.

Wann een e Bléck op di lescht 5 oder 10 Joer werft musse mer feststellen, datt op ville Plaze vun Europa a vum Rescht vun der Welt déi demokratesch Wäerter, déi an der *Déclaration universelle des droits de l'homme* vum 10. Dezember 1948 zu Paräis proklaméiert goufen, vu ville Säite a Fro gestallt ginn. Mir erënneren eis, datt en amerikanesche Präsident systematesch Ligen a Fake news agesat huet fir seng eege Meenung duerchzedrécken.

A mer gesi, datt a verschiddenen *social media*, ënner dem Schutz vun der Anonymitéit, di elementaarste Mënscherechter mat Féiss getrëppelt ginn an d'Spillreegelen vun der Demokratie a Fro gestallt ginn

Mir mierken, datt vill Leit, och an eisem Land, decouragéiert sinn, oft keng Kraaft méi hunn. D'Corona-Pandemie, mee och déi vill Krisen an der Welt, an och d'Klimakris hannerléisst bei ville Leit e Gefill vun *Ohnmacht* wéi di Däitsch soen. Vill hunn et opginn, sech fir di elemetarst demokratesch Rechter anzesetzen. Vill vun hinnen, déi engagéiert waren, sinn onsécher ginn an hu resignéiert!

(4) **An dach!** Et gëtt Zäit datt mer eis rappen! Mer mussen nees léieren aus dem Courage vun deenen, déi sech am Krich - an enger total minoritärer Positioun! - géint den Nazi-terror gewiert hunn, nei Kraaft, nei Motivatioun ze schäffen! An dofir ass di Commemoratiounsfeier haut am Lycée du Nord zu Wooltz en Zeeche vun Hoffnung: Äer Schoul mécht zanter ville Joeren eng exemplaresch Erënnerungsaarbécht. Ënner der Leedung vun Äerem Direkter, der aktiver pädagogescher Begleedung vun verschidde Geschichtsprofesseren an der aktiver Participatioun vu ville Schüler*innen gëtt sech hei vill Gedanke gemaach ob et bei der Erënnerungsaarbécht mat *Blumme, Kränz a Gerben* nach duergeet.

Et kann ee soen, datt deen heitegen Nomëtten eng Pionnéieraarbécht ass, well hei di 3. a 4. Generatioun d'Heft an d'Hand geholl hunn. Merci hinnen alleguerten! Si si fir d'Iwwerliewend vum 2. Krich ma och fir di 2. Generatioun e grousst Zeechen vun Hoffnung a weisen eis, datt di Wäerter, déi eis Leit an enger total verzweiwelter Situatioun oft mat hirem Liewen bezuelt hunn, datt déi Wäerter weiderliewen an hinnen. Dat mécht eis all Courage!

(5) Dir Dammen an Dir Häre n.

Mir wëssen nët wéi dëse Krich an der Ukraine ausgeet. Mir gesinn awer datt op ville Plazen an der Welt sech villes a Bewegung setzt fir datt di elementarste Mënscherechter nees applizéiert ginn.

Dofir ass fir mech di Resolutioun vum 7. Oktober 2022, déi de *Conseil des Droits de l'Homme vun der UNO* (CDH) zu Genf iwwer d'Situatioun vun de Mënscherechter an der russescher Federatioun ugeholl huet, eng gutt Nouvelle an en Encouragement:

A fir eis als Lëtzebuerger ass et och encourageant, datt eis Land hei fiederféirend ass, an als *penholder* et fäerdeg bruecht déi Resolutioun am Numm vun de 26 Memberlänner vun der Unioun ze coordinéieren an negociéieren. D'Lëtzebuerger Regierung schreiwt an hirem Communiqué dat hei:

Aux termes de cette résolution, le Conseil des Droits de l'Homme décide de nommer un ***rapporteur spécial*** *sur la situation des droits humains en fédération de Russie pour une durée d'une année (reconductible). La personne en question, qui reste à désigner par le président du Conseil, devra suivre de près la situation des droits humains en Russie, collecter, examiner et évaluer toutes informations pertinentes qui peuvent lui venir de la part de toutes les parties prenantes, y compris de la part de la société civile russe travaillant soit à l'intérieur ou à l'extérieur de la Russie. Dans son travail, le ou la rapporteur-e spécial-e prendra en compte les dimensions d'âge, de genre et de handicap des populations victimes de violations de droits humains. Il ou elle coopérera avec les autres mécanismes de droits humains onusiens qui sont déjà en place, afin de pouvoir présenter des* ***rapports écrits avec des recommandations à l'attention du CDH et de l'Assemblée générale des Nations unies****, lors de leurs 54e, respectivement 78e sessions en 2023.*

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren